**EDITO**
**PAKT VUM ZESUMMELIEWEN**
D'Gemenge sinn den Zentrum vum Zesummeliewen an den éischte Kontaktpunkt.

**02**
**FUNKTIOUN GEMENG**
D'Actricen an d'Acteuren vun der Gemeng an hir Aufgaben.

**03**
**TEMOIGNAGEN**
Interviews: Mareike Bönigk (D/L) Gemeng Préizerdaul & Christiane Thommes (L) Gemeng Wal.

**04**
**FUNKTIOUN KANTON RÉIDEN**
Eng eenzegaartег Kollaboratioun hei am Land, déi op Solidaritéit baséiert.

ZEITUNG

# WËLLE WESTEN

**D'NEIEGKEETEN AUS DEM KANTON RÉIDEN & DER GEMENG MÄERZEG.**
NËMME WIE SECH ASCHREIFT & WIELT, BESTËMMT OCH MAT!

17.04.23



**Eng Etüd leeft wéi eng Industriezon sech besser eegent: d'Solupla Réiden oder de Riesenhaff Rammerich**

# Eng Rakéitestartstatioun am Kanton Réiden?

D'Schäffen- an d'Gemengeréit vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg huele vehement Stellung:

**Léif Lieser, stellt Iech esou eng Nouvelle vir! Wéilt Dir do als Matbierger net e Wiertche matschwätze wëllen?**

Zum Gléck ass den Titel vun dëser Publikatioun net eescht gemengt, e soll awer weisen, wéi wichteg et ass, sech als Bierger z'engagéieren: **als Lëtzebuerger wielen ze goen** oder sech **als Net-Lëtzebuerger an d'Walléschten anzedroen**! Nëmme wie wielt, bestëmmt och mat! Wie wielt, beaflosst d'Zukunft. Wéi eise Walsystem funktionéiert a wéi eng Funktiounen eis Gemengen & de Kanton Réiden hunn, dat gëtt an dëser Zeitung erkläert. Et soll motivéieren, eis gemeinsam Zukunft an de Gemengen an am Kanton Réiden aktiv matzegestalten, fir datt eis Interesse berücksichtegt ginn an an eise Gemengen näischt geschitt, wat mir net wëllen, wéi z.B. eng Rakéitestartstatioun!

## Nach net ageschriwwe fir wielen ze goen?

Bis spéitstens den 17. Abrëll kënnt Dir Iech androe fir wielen ze goen, entweder op ärer Gemeng oder via myguichet.lu

Konditioun: Dir musst minimum 18 Joer hunn, den 11. Juni 2023 (den Dag vun de Walen). Dir musst och ärt Walrecht nach hunn (an net wéinst Strofdot d'Walrecht entzu kritt hun).



## Dat kréie mir besser hin, nee?

**11,7** Aktuell sinn nëmmen 11,7% vun de **Net-Lëtzebuerger** an d'Wielerléschten ageschriwwen!

**24,75** Bei de Gemengewalen 2017 ware 35.78% **Kandidate** weiblech, dovu goufe 24,75% gewielt!

## Motivéiert selwer mat an d'Walen ze goen?

All Lëtzebuerger a Net-Lëtzebuerger, déi an hirer Gemeng ugemellt sinn, kënne bei de Gemengewale kandidéieren.

Alles iwwert d'Fonctionnement fir wielen ze goen oder mat an d'Walen ze goen: echkawielen.lu

## NEWSPAPER available in English

Voting is important in order to help creating a future for you and your family. Want to know more about voting in Luxembourg and how to participate? → QR Code

## ZEITUNG in Deutsch erhältlich

Wählen ist wichtig, wenn man seine eigene Zukunft und die der eigenen Familie mitgestalten möchte. Wollen Sie mehr über das Wahlverfahren in Luxemburg erfahren? → QR Code

## JORNAL disponível em Português

A votação é importante para ajudar a criar um futuro para si e para a sua família. Deseja saber mais sobre a votação no Luxemburgo e como participar? → QR Code

EDITO

FUNKTIOUN GEMENG




# EDITO

## PAKT VUM ZESUMME-LIEWEN

Ech sinn de Karsten Küpper, vun äre Gemengevertrieder, respektiv iwwert de Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg engagéiert fir d'Ëmsetzung vum „Pakt vum Zesummeliewen" ze begleeden.

Ursprénglech aus Däitschland, wunnen ech zanter méi wéi 15 Joer mat menger Famill am Préizerdaul. Ech mengen ech sinn erfollegräich integréiert dank de Leit, déi eis gehollef hunn, de Veräiner déi eis akzeptéiert an den Institutiounen déi eis ënnerstëtzt hunn. Dofir sinn ech besonnesch frou, als Chargé à l'integratioun mam „Pakt vum Zesummeliewen" am Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg dozou bäizedroe fir d'Liewensqualitéit weider z'erhéijen. Zesumme mat Iech. All eenzel Persoun, all Bierger wéi och all Veräiner an Associatioune sollen zum Zesummeliewe bäidroen, jee no individuelle Méiglechkeeten an Interessen.

D'Gemenge sinn den Zentrum vum Zesummeliewen an den éischte Kontaktpunkt. Se wuesse séier a veränneren sech. Nei Awunner komme bei eis, déi eng aus aneren Deeler vum Land, déi aner aus der ganzer Welt. Mir wëllen dru schaffen, fir d'Gemengeliewen zum Wuel vun allen lieweg ze gestalten a gläichzäiteg déi „Nei" begréissen an engem diversen an toleranten Ëmfeld, an deem mir alleguer mat Freed a Genoss kënne liewen.

An dem Sënn ass de Pakt vum Zesummeliewen e Pakt tëscht alle Bierger, fir sech am Kanton Réiden an zu Mäerzeg an enger lieweger Regioun z'engagéieren, an där jidderee seng Plaz fënnt. Firwat net andeems mir Iech motivéiere wielen ze goen oder souguer ze motivéiere mat an d'Walen ze goen?

Méi Informatiounen zum Pakt vum Zesummeliewen: zesummeliewen.lu

Pakt vum Zesummeliewen

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région
Département de l'intégration

# Wéi funktionnéiert meng Gemeng?



**D'GEMENGENADMINISTRATIOUN, D'KOMMUNAL SERVICER**

D'Gemengenadministratioun ass net vum Vollek gewielt, mee vun de Gewielten agestallt. Si assistéiert dem Schäfferot bei der Ëmsetzung vun den Decisiounen a Reglementer, déi vum Gemengerot gestëmmt gi sinn, souwéi vun de Moossnamen, déi vun de Gesetzer a vun de groussherzoglechе Reglementer virgesi sinn. Si ass de Kontakt fir d'Bierger/inne fir d'Servicer, déi vun der Gemeng offréiert ginn (wéi z.B. Fräizäitaktivitéiten, Fleeg doheem, Ausstelle vun Identitéitskaarten, Entretien vun de Gemengestroossen,...). D'Gemengenadministratioun setzt sech zesummen aus engem Sekretariat, esou wéi aus verschiddenen aneren administrativen Departementer an technesche Servicer.

**D'AUFGABEBERÄICHER**

Biergerzenter
Finanzen
Forstverwaltung
Service fir d'Offallentsuergung
Astandhale vun der kommunaler Infrastruktur
Bauen an Entretien vun ëffentleche Plazen a Gebaier
Drénkwaasserversuergung
Maison Relaisen
Schoulen
Office Social
Urbanisatioun (PAG)

## D'Actricen an d'Acteure vun der Gemeng

**DE SCHÄFFEROT**

De Schäfferot ass dat exekutiivt an administratiivt Organ vun der lokaler Politik. A senger Funktioun als Superieur vum Gemengepersonal muss de Schäfferot dofir suergen, datt all déi kommunal Servicer, déi der Bevëlkerung offréiert ginn, funktionéieren. De Schäfferot stellt d'Salariéë vun der Gemeng an, beopsiichtegt d'Gemengepersonal, applizéiert déi obligatoresch statutaresch Moossnamen a Saache Congé, Promotiounen an anerem. Um Enn ass et och de Schäfferot, deen, mam Accord vum Gemengerot, iwwert d'Planung an d'Ëmsetze vu lokalen Aktivitéiten entscheet.

**DE GEMENGEROT**

De Gemengerot setzt sech aus Memberen zesummen, déi direkt vun der lokaler Communautéit gewielt gi sinn. Hien agéiert als „Parlament um lokale Plang", dat heescht, de Rot huet di generell Kompetenz an entscheet iwwert déi politesch Orientéierunge vun der Gemeng, déi vum Schäfferot mussen ëmgesat ginn. Ënnert anerem ass de Gemengerot responsabel fir d'Astelle vu Gemengepersonal.

**D'KOMMISSIOUNEN**

D'Kommissioune ginn no de Walen nei constituéiert. Dat geschitt relativ zäitno, fir datt d'Kommissioune sou séier wéi méiglech schaffe kënnen. Wat déi eenzel Kommissiounen ugeet, do gëtt et an all Gemeng Ënnerscheeder. Wie wou engagéiert ass, hänkt dovunner of ob et eng Proporz- oder eng Majorzgemeng ass. An de Proporzgemenge sinn et d'Parteien oder d'Biergerlëschten, déi hir Leit fir déi eenzel Kommissiounen designéieren. An de Majorzgemenge ka jiddereen, dee Loscht huet, sech fir eng Kommissioun mellen. Et ginn obligatoresch Kommissiounen ewéi d'Schoulkommissioun, d'Integratiounskommissioun an d'Loyerskommissioun. Donieft kann all Gemeng nach aner Kommissiounen aberuffe wéi z.B. d'Jugendkomisisoun, d'Sportkomissioun, d'Kulturkommissioun, ...

### KUERZ RESUMÉIERT

EXECUTANTEN
Buergermeeschtesch, Buergermeeschter
Schäffinnen, Schäffen
Conseillèren, Conseilleren
Gemengenadministratioun
kommunal Servicer

BENEFICIAIREN
Biergerinnen a Bierger

MULTIPLICATEUREN
Kommissiounen
Biergerparticipatioun
Veräiner, Sport & Kultur
Partner

**Méi iwwert d'Wichtegkeet vun der Egalitéit an de Gemengen:** mega.lu

## IWWERBLÉCK AWUNNER & NATIONALITÉITEN AN EISE GEMENGEN

| Gemeng | Biekerech | Ell | Groussbus | Mäerzeg | Préizerdaul | Rammerich | Réiden | Sëll | Useldeng | Viichten | Wal |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Awunner | 2.866 | 1.549 | 1.126 | 2.300 | 1.799 | 4.800 | 3.057 | 970 | 2.078 | 1.398 | 1.071 |
| Net Lëtzebuerger | 29,20% | 30% | 21,80% | 26% | 25% | 35% | 28,23% | 26% | 24% | 24,75% | 22,60% |
| Aner Nationalitéiten | 51 | 37 | 27 | 41 | 43 | 76 | 63 | 37 | 42 | 34 | 29 |
| Iwwerbléck um | 03.11.2022 | 10.11.2021 | 04.08.2022 | 01.01.2022 | 15.09.2022 | 05.08.2022 | 08.12.2022 | 01.12.2022 | 01.02.2023 | 14.09.2022 | 03.08.2022 |

TEMOIGNAGEN

# Ech si mat an d'Wale gaangen!

**INTERVIEW MAM MAREIKE BÖNIGK (D/L), CONSEILLÈRE AN DER GEMENG PRÉIZERDAUL, ZANTER 15 JOER AM LAND**





Du bist diese Wahlperiode zum ersten Mal im Gemeinderat, was hat Dich am meisten überrascht?
Die Vielfalt der Themen. Gerade in einer kleinen Gemeinde arbeiten wenige Personen auf vielen Themen – das betrifft natürlich vor allen Dingen die Beamtinnen und Beamten, die ja die Experten sind in allen Fragen und den Schöffenrat, der die Verantwortung trägt in allen Belangen der Gemeinde. Aber wenn die Zusammenarbeit zwischen den BeamtInnen, dem Schöffenrat und dem Gemeinderat gut funktioniert, bekommt man auch als Gemeinderatsmitglied viele Informationen an kann bei ganz vielen Themen mitdenken und Ideen einbringen. Das ist schon toll.

Was würdest Du sagen, warum ist es wichtig, von seinem Wahlrecht Gebrauch zu machen?
Das knüpft eigentlich direkt an meine Antwort von oben an: Weil alles, was unser aller tägliches Leben in unserer Gemeinde betrifft, von den gewählten Personen mitbestimmt wird. Ich wähle mir also meine eigene Zukunft. Ob das Prioritäten beim Infrastrukturausbau sind, die Umwelt- und Klimaschutzaktivitäten meiner Gemeinde, das Essen in der Maison Relais, das Schulpersonal, ob ein Supermarkt in die Gemeinde kommt oder nicht, wie die Vereine gefördert werden, oder, oder, oder. Das ist für mich ein starker Grund.

Wir sind aktuell weit von einer Geschlechterparität in der politischen Repräsentation entfernt, woran glaubst Du liegt das?
Ja, leider. Ich bin auf vielen Versammlungen die einzige Frau und praktisch immer sind wir in der Minderheit. Woran das liegt, ist schwer zu sagen. Was ich sicher sagen kann: Ich fühlte mich in den letzten fast 5 Jahren NIE unerwünscht oder ausgegrenzt. Wir alle zusammen im Gemeinde- und Schöffenrat haben überlegt, wie wir mehr Frauen interessieren könnten an der politischen Arbeit; wir sind aktiv auf einige Frauen zugegangen, um sie zu überzeugen, sich aufstellen zu lassen für die nächsten Wahlen. Leider ohne Erfolg. Fehlt es an Mut? An Zeit, weil oft die Doppelbelastung Beruf/Familie noch immer bei den Frauen liegt? Ich weiß es nicht, würde mir aber mehr Frauen in den verschiedenen Sitzungen wünschen.

> **„Was ich sicher sagen kann: Ich fühlte mich in den letzten fast 5 Jahren NIE unerwünscht oder ausgegrenzt.**

Was würdest Du Frauen, die in die Kommunalpolitik einsteigen wollen, empfehlen?
Einfach machen. Keiner weiß von Anfang an wie alles geht und auch nach einer Legislaturperiode begegnen einem immer wieder neue Fragen – als Gemeinderätin ist es die Aufgabe, Fragen zu stellen. Je grundlegender desto besser – kein Sorge, da kann man nicht viel falsch machen. Und ich würde empfehlen, sich 2-3 Lieblingsthemen zu finden. Zu denen Themen detaillierter lesen und in Gremien gehen. Man kann nicht alles gleich gut abdecken. Dadurch fällt das Zeitmanagement leichter. Und auch: Nicht scheuen, ab und zu mit dabei zu sein, wenn informelle Netzwerke geknüpft werden – ab und an entstehen beim Patt wichtige Ideen; auch Frauen sollten da teilhaben.

# Meng Roll als Gemengemamm



**INTERVIEW MAM CHRISTIANE THOMMES (L), BUERGERMEESCHTESCH VU WAL**

> **„Eng Gemeng ass ëmsou méi lieweg, wat hir Bierger/inne sech méi um Gemeinschaftsliewe bedeelegen.**

Wéi eng Roll spillt d'Biergerengagement fir Dech als Buergermeeschtesch?
Fir mech als Buergermeeschtesch ass et natierlech ganz wichteg, reegelméisseg Feedback vun de Bierger/innen ze kréien. Esou spiert een hiert d'Wuelbefannen an der Gemeng an och wou et vläicht Problemer gëtt! Biergerengagement ass en zentraalt Zeeche vun enger funktionéierender Demokratie. Et fërdert e kontinuéierlechen Dialog a gëtt de lokale Politiker d'Méiglechkeet, d'Kreativitéit a Wësse vun de Bierger/innen ze notze fir séier op hier d'Bedierfnesser ze reagéieren, wat ee soss als Politiker vläicht net matkritt! Sou kënne mir, Bierger/innen a Politiker/innen vereent d'Zesummeliewen an der Gemeng kontinuéierlech verbesseren. Fir mech ass et och eng Méiglechkeet fir d'Verbesserung vum Zesummeliewen an der Gemeng! Kreativitéit a wäertvollt Wësse vun de Bierger/innen notzen!

Wéi motivéiers Du d'Bierger/innen fir sech an hirer Gemeng ze engagéieren?
Ech probéieren dat virun allem iwwer direkten Dialog mat de Bierger/innen, well den Engagement entsteet wann d'Bierger/innen mat agebonne sinn. Eng Gemeng ass ëmsou méi lieweg, wat hir Bierger/innen sech méi um Gemeinschaftsliewe bedeelegen. Dobäi sinn natierlech Transparenz an Éierlechkeet ganz wichteg Aspekter. Dat heescht, mir mussen och eis Pläng an Decisioune gutt erklären.

Wéi eng Erausfuerderunge gesäis Du fir d'Zukunft hei am Land?
Aus enger globaler Perspektiv ass dat sécher Klima a Naturschutz, zu deem jidderee muss bäidroen. Hei huet d'Gemeng eng Virbildfunktioun. Eng weider Aufgab hei am Land ass, fir déi erfollegräich Integratioun vun eisen neie Matbierger/innen ze garantéieren. Ech denken, datt dat an Zukunft nach méi eng Erausfuerderung fir d'Gemenge gëtt! A schlussendlech de Logement: wéi wëlle mir an Zukunft fir bezuelbare Wunnraum suergen? Et gëtt vill ze di fir eis alleguer.

A wat sinn eis Chancen?
Mir musse probéieren als Gemeng gutt opgestallt ze sinn, duerfir ass fir mech d'Fusioun vu Groussbus -Wal wichteg! Zesumme si mir méi staark wéi eleng. Zesumme kënne mir Synergië schafen a Ressourcë besser notzen. Mir mussen eist gutt Vernetzung nach weider ausbauen, esou wéi de Kanton Réiden elo schonn zesumme funktionéiert a sech an Zukunft, hoffentlech, nach weider wäert entwéckelen.

# D'Roll vun eise Gemengen am Kanton Réiden

**ZANTER 1990 VERTRAUE MIR OP DÉI FRÄIWËLLEG A SOLIDARESCH ZESUMMENAARBECHT VUN EISEN 10 GEMENGEN, DEM SYNDICAT INTERCOMMUNAL KANTON RÉIDEN.**

Et huet villes erlaabt, wat een als eenzel Gemeng am ländleche Raum eleng nitt hikritt oder finanzéiert kritt hätt. Dës aussergewéinlech an och eenzegaarteg Kooperatioun hei am Land huet dozou gefouert, datt et hei „nees" liewenswäert ginn ass. Well et goufen och Zäiten, wou d'Awunner Richtung Zentrum geplënnert sinn an d'Gefor grouss war, datt sech de Wëlle Westen zu engem Dortoir entwéckele géif.

### SUBSIDIARITÉITSPRINZIP & FONCTIONEMENT

All Membergemeng bezilt e Bäitrag an déi gemeinsam Kees, deen no Awunnerzuel berechent gëtt. Dovu ginn da gemeinsam Projeten a Servicer finanzéiert, déi eng eenzel Gemeng sech nitt leeschte kéint. Et ginn deemno Projetsiddien agereecht, déi da vum Comité analyséiert an diskutéiert ginn. No demokratescher Ofstëmmung gëtt de Projet dann ëmgesat, wann all Gemeng säi Feu Vert ginn huet. Hei gëtt nitt no enger einfacher Majoritéit gekuckt, dat fir sécher ze goen, datt och all Gemeng averstanen ass. All Gemengerot stëmmt am Ufank vun der neier Legislaturperiod seng Representante fir hir Gemeng am Comité vum Kanton Réiden ze representéieren. De Comité trëfft sech reegelméisseg fir iwwert déi nei a lafend Dossieren z'ënnerhalen an och fir Decisiounen ze huelen. Vun dësem Comité gi nach emol 10 Persoune gewielt, déi dann am klenge Krees schaffen, de sougenannte „Büro". Dee gesäit sech méi oft, fir d'Viraarbecht ze leeschten an esou och méi séier virun ze kommen.


### KLOER DEFINÉIERT RICHTLINNEN

D'Ziler vum Kanton Réiden si kloer definéiert. T'gëllt fir d'Attraktivitéit vun der Regioun permanent um leschte Stand ze halen a weiderzëentwéckelen. D'Piliere sinn d'Entwécklung vun de sozialen, touristeschen, landwirtschaftlechen a wirtschaftlechen Aktivitéiten innerhalb vun den 10 Gemengen. Festgehale sinn dës Ziler an de Statuten, déi aktuell ugepasst ginn.

Hei en Iwwerbléck vun alen, bis elo ausgeschafften a funktionelle Servicer an Institutiounen, wou de Syndikat vum Kanton Réiden direkt oder indirekt un der Ausschaffung bedeelegt war, eis Best of West:

- Foyer de Jour „A Butzen" Räichel an Ell
- Sport-Krees Atert, Kanner & Jugendbetreiung
- OSCARE - Office Social du Canton de Redange
- HAUSCARE - Agence Immobilière Sociale du Canton de Redange
- Caritas Buttek Réiden
- Youth&work
- Club Senior Atertdall
- Réidener Jugendtreff
- Réidener Energieatelier
- Réidener Waasserhaus
- KlimaTeam Réiden a Wandkraaft
- Groupe Leader Wëlle Westen
- De Kär - Regionalgeld Beki
- Synergie - Soziokulturelle Magasinn vum Kanton Réiden
- Zone Industrielle Riesenhaff
- Zone d'activité SOLUPLA
- TouristInfo Wëlle Westen
- Atert Lycée Réiden
- Pakt vum Zesummeliewen

Méi iwwert de Syndikat Kanton Réiden: kanton-reiden.lu




**267,5**
**Quadratkilometer**
(ouni Mäerzeg)

## PROPORZGEMENG

Eng Proporzgemeng huet méi wéi 3.000 Awunner. Hei muss een an enger Partei oder enger Biergerlëscht engagéiert si fir mat an d'Wale goen ze kënnen.

Jiddwer Wieler däerf esou vill Stëmme verginn, ewéi et Conseilleren ze wiele gëtt. Jiddwer Kräiz (+ oder x), dat an enger Case hanner dem Numm vun de Kandidate steet, zielt als Stëmm fir deejéinege Kandidat. Hie kann all Kandidat zwou Stëmme ginn, ouni awer iwwer den Total vu Stëmmen, déi en zur Verfügung huet, erauszegoen.

De Wieler, deen de wäisse Krees uewen op der Lëscht schwäerzt, stëmmt dës Lëscht an hirer Gesamtheet a gëtt domat all Kandidat op der Lëscht eng Stëmm.

## MAJORZGEMENG

Eng Majorzgemeng huet manner wéi 3.000 Awunner. Hei ka jiddereen, dee volljäreg ass a kee Casier huet, mat an d'Wale goen.

De Wieler stëmmt, andeem en e Kräiz (+ oder x) an d'Case mécht, déi niewent dem Numm vun all Kandidat steet, deen hie wielt.

### DEN 2. GRÉISSTE KANTON AM LAND AN ZUELEN

**1990** → 06.03 Grënnung vum Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton" mat de 5 Gemenge Biebererch (Préizerdaul), Ell, Rammerich, Réiden & Séll
**1991** + Gemeng Biekerech
**1995** + Gemenge Groussbus & Viichten
**1998** + Gemeng Wal
**2000** + Gemeng Useldeng
**2021** = 10 Gemengen
**20XX** → Gemeng Mäerzeg leed d'Demande an d'Weeër fir bäizetrieden

## ECH GI WIELE WELL...

„Ich freue mich auf den 11.06.2023! - Nach 9 Jahren in Luxemburg darf und will ich meine Stimme abgeben."
**Julia, 39, weiblech, 9 Joer zu Lëtzebuerg**

„Mit meiner Stimme kann ich mit der Wahl meines Kandidaten/ meiner Partei damit helfen, meine Interessen in der Gemeinde durchzusetzen - Mit meiner Stimme nehme ich aktiv an der kommunalen Politik teil - Mit meiner Stimme entscheide ich über die Politik die, die von der mir gewählten Kandidaten/Parteien vertreten - Weil jede Stimme zählt."
**Guy, 55, männlech, 55 Joer zu Lëtzebuerg**

„It is important to vote so that we feel represented and the authorities are aware of the needs of all fringes of its population."
**Bento, 50, männlech, 6 Joer zu Lëtzebuerg**

„Ao votar nas eleições participo da escolha dos representantes da população para legislar e administrar o país. Pelo voto exerço meu direito de cidadania e me integro com a sociedade local, pois como imigrante tambem desejo o melhor para toda a população que vive e trabalha em Luxemburgo."
**Aline, 30, weiblech, 5 Joer zu Lëtzebuerg**

„- من رای میدهم زیرا برایم مهم است که بدانم چه کسی برای من در آینده تصمیمات سیاسی و ای ره چیز دیگری را میگیرد ."
**Zahra, 24, weiblech, 7 Joer zu Lëtzebuerg**

„I think it's important to vote because I have a chance to influence the way things are handled in my home commune that I feel a part of."
**Jana, 44, weiblech, 16 Joer zu Lëtzebuerg**

„It is important to vote in order to have representatives that support his interest."
**Stefan 44, männlech, 12 Joer zu Lëtzebuerg**

„لطيفة ، 53 (لوكسمبورغ منذ 2008) التصويت هو حق و واجب ، بالنسبة لي هو عمل يسمح لنا باختيار الممثلين أثناء الانتخابات وكذلك للحفاظ على حيوية ديمقراطيتنا."
**Jio Latifa, 53, weiblech, 15 Joer zu Lëtzebuerg**

„Voter donne le pouvoir d'activement sculpter le futur. Tous les votes ont la même importance, allez donc tous voter pour un meilleur avenir !"
**Cédric, 36, männlech, 36 Joer zu Lëtzebuerg**

„It is important to vote so that we feel represented and the authorities are aware of the needs of all fringes of its population."
**Bento, 50, männlech, 6 Joer zu Lëtzebuerg**